



N° 7215
Entrée le 21.11.2022
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Fernand Etgen
Luxembourg, le 22.11.2022

Fernand ETGEN
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 21/11/2022

Här President,

Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministesch fir Gesondheet weiderzeleeden.

Lëtzebuerg leit aktuell ënnert enger Epidemie vu Bronchiolite-Fäll. D'Better an der Kannerklinik si momentan alleguer beluecht, eng Krisenzell gouf en Place gesat an et kënn et och zu sougenannten Deprogrammatiounen, soudass pediatresch Chirurgie-Interventiounen, déi net urgent sinn, verréckelt ginn.

An deem Zesammenhang wéilt ech der Ministesch dës Froe stellen:

1. Wéi vill Pediator pro 1000 Awunner hu mir zu Lëtzebuerg?
2. Wéi hunn sech dës Zuelen déi lescht 20 Joer entwéckelt?
3. Wéi vill Intensiv-Better an der Pédatrie hu mer pro 100.000 Awunner?
4. Wéi hunn sech dës Zuelen déi lescht 20 Joer entwéckelt?
5. Wat gedenkt d'Regierung ze maachen, fir dass sech esou Problemer, wéi déi aktuell Situatioun mat de Bronchiolite-Fäll, an Zukunft net méi widerhuelen?

Mat déiwem Respekt,

CLEMENT Sven
Deputéierten

